



**FONDATION SERVAIS**

**PRIX SERVAIS**

**2013**

**Pol GREISCH**

*22<sup>e</sup> Plaquette commémorative, éditée en juillet 2014 par la Fondation Servais  
pour la littérature luxembourgeoise  
Photos (CNL) prises lors de la cérémonie du 4 juillet 2013*

**Remise du Prix Servais 2013  
à Monsieur Pol GREISCH**

4 juillet 2013  
Centre national de littérature  
Mersch



# Sommaire

La Fondation Servais et ses deux Prix littéraires .....	7
Ried vum Germaine GOETZINGER, der Präsidentin vun der Fondation Servais .....	11
Motivatioun vum Jury, präsentiert vum Pierre MARSON, dem Präsident vum Jury vun der Fondation Servais.....	14
Message vun der Kulturministesch Octavie MODERT .....	15
Dem Pierre PUTH seng Ried iwwer «De Monni aus Amerika» vum Pol GREISCH .....	17
Dem Pol GREISCH seng Äntwert un de Pierre PUTH .....	25
«Am Fong», en Auszuch aus «De Monni aus Amerika».....	27
«Mâi Rendez-vous», en Inédit vum Pol GREISCH .....	29
Bio-Bibliographie .....	33
Le Jury pour l'attribution du Prix Servais 2013 .....	35
Le Conseil d'administration de la Fondation en 2013 .....	35
Les publications de la Fondation Servais .....	35

*L'encadrement musical de la remise du Prix Servais 2013 a été assuré par  
M. Cary GREISCH (guitare) et M. Carlo JANS (flûte).*



*Pierre Marson et Germaine Goetzing au moment de la remise du Prix Servais au lauréat*

## *La Fondation Servais et ses deux Prix littéraires*

La Fondation Servais pour la littérature luxembourgeoise est née d'une initiative privée, fondée sur un legs de Madame Jeanne SERVAIS (décédée en 1985) dont la maison natale à Mersch, devenue propriété de l'Etat et siège de la Fondation, abrite le Centre national de littérature.

La Fondation a été créée le 1<sup>er</sup> juin 1989 par les onze membres fondateurs réunis au sein du premier Conseil d'administration. Il s'agissait de Madame Liliane THORN-PETIT, de Messieurs Frank BADEN, Pierre HAMER, Edmond ISRAEL (président), Mars KLEIN, Robert KRIEPS, Guy LINSTER, Cornel MEDER, Roger NOTHAR, Jacques SANTER et Manou SERVAIS.

La Fondation Servais a pour objet d'œuvrer pour la promotion de la littérature luxembourgeoise, en soutenant la recherche littéraire et sa publication, en initiant des colloques sur la littérature et en propageant de façon générale la connaissance de la littérature.

La Fondation Servais a créé deux Prix littéraires.

### **1. Le « PRIX SERVAIS »**

Afin de promouvoir la production littéraire contemporaine, le Conseil d'administration décerne depuis 1992 le « PRIX SERVAIS ». Ce prix récompense l'ouvrage littéraire le plus significatif paru au cours de l'année écoulée, considéré dans son ensemble (contenu et forme) en tenant compte de la maîtrise de la langue, de l'originalité du sujet traité et de la façon de traiter le sujet. Il est attribué à l'auteur de l'ouvrage, même si celui-ci est un ancien lauréat du Prix Servais. Il est décerné annuellement, sur proposition d'un jury permanent, indépendant de la Fondation, composé de personnes qui ne sont pas membres du Conseil d'administration. Le jury prend sa décision en toute souveraineté dans le seul respect de la finalité du prix. Le prix, qui bénéficie du soutien financier de l'Œuvre nationale de secours Grande-Duchesse Charlotte, est doté de 6.000 euros à partir de l'année 2013.

L'«Eloge» du panégyriste exposant l'intérêt particulier de l'ouvrage récompensé, le «Discours» du lauréat dévoilant ses vues très personnelles d'auteur-créateur ou de citoyen du monde, le «Message» du membre du Gouvernement ayant la Culture dans ses attributions annonçant ou commentant un aspect d'actualité de la politique littéraire, sont consignés

dans les plaquettes commémoratives annuelles du Prix Servais.

La Fondation tient gracieusement ces plaquettes à la disposition des visiteurs de la Maison Servais.

Liste des récipiendaires du Prix de la Fondation Servais :

- 1992 : Roger MANDERSCHIED, «De Papagei um Käschtbam», Roman, Editions PHI
- 1993 : Pol GREISCH, «Äddi Charel - Besuch - E Stéck Streisel», trilogie, Editions PHI
- 1994 : Jean PORTANTE, «Mrs Haroy ou la mémoire de la baleine», roman, Editions PHI
- 1995 : Joseph KOHNEN, «Königsberg – Beiträge zu einem besonderen Kapitel der deutschen Geistesgeschichte des 18. Jahrhunderts», ouvrage collectif, Peter Lange Europäischer Verlag der Wissenschaften, Frankfurt/M. (Prix spécial)
- 1996 : Lex JACOBY, «Wasserzeichen», Erzählungen, Editions des Cahiers Luxembourgeois, Nic Weber Editeur
- 1997 : Margret STECKEL, «Der Letzte vom Bayrischen Platz», Erzählung, Editions PHI
- 1998 : José ENSCH, «Dans les Cages du Vent», poèmes, Editions PHI
- 1999 : Jhemp HOSCHUIT, «Perl oder Pica», Roman, Editions Schortgen
- 2000 : Pol SCHMOETTEN, «Der Tag des Igels», Erzählung, Editions Saint-Paul
- 2001 : Roland HARSCH, «Laub und Nadel», Federspiele, Editions de l'APSS
- 2002 : Guy HELMINGER, «Rost», Kurzgeschichten, Editions PHI
- 2003 : Jean SORRENTE, «Et donc tout un roman», roman, Editions PHI
- 2004 : Claudine MUNO, «Frigo», Roman, Op der Lay
- 2005 : Jean-Paul JACOBS, «Jenes Gedicht & Mit nichts», Gedichte, Editions PHI



- 2006: Guy REWENIG, «Passt die Maus ins Schneckenhaus? Hundert messerscharfe Fragen (und ebenso viele glasklare Antworten)», Kinder- und Jugendbuch, Editions ultimomondo
- 2007: Lambert SCHLECHTER, «Le Murmure du Monde», fragments, Editions Le Castor Astral (Bordeaux)
- 2008: Anise KOLTZ, «L'ailleurs des mots», poèmes, Editions Arfuyen (Paris-Orbey)
- 2009: Pol SAX, «U5», Roman, Elfenbein Verlag (Berlin)
- 2010: Guy REWENIG (Tania Naskandy), «Sibiresch Eisebunn», Roman, Editions ultimomondo
- 2011: Jean KRIER, «Herzens Lust Spiele», Gedichte, poetenladen (Leipzig)
- 2012: Gilles ORTLIEB, «Tombeau des anges», récits Editions Gallimard (Paris)
- 2013: Pol GREISCH, «De Monni aus Amerika», acht Kuerzgeschichten, Editions ultimomondo

Mentions spéciales du Jury :

- 2001: «Laura», par Monique PHILIPPART  
(publié à compte d'auteur; distribution: Editions Saint-Paul)
- 2002: «Requiem für ein Kind. Trauer und Trost berühmter Eltern»,  
par Joseph GROBEN (Editions Dittrich, Cologne)

## **2. Le «PRIX D'ENCOURAGEMENT DE LA FONDATION SERVAIS»**

Afin d'encourager des auteurs à procéder à la publication de leur premier ouvrage littéraire, le Conseil d'administration a créé en 1999-2000 le «PRIX D'ENCOURAGEMENT DE LA FONDATION SERVAIS». Ce prix est réservé aux auteurs d'expression luxembourgeoise, allemande et française, résidant au Luxembourg, qui n'ont pas encore publié d'ouvrage littéraire, ni au Grand-Duché ni à l'étranger. Les ouvrages collectifs ne sont pas retenus. Les manuscrits sont à remettre en quatre exemplaires au Centre national de littérature, pour le 31 décembre de l'année de référence, à l'intention du Président du jury. Le jury apprécie souverainement s'il y a lieu d'attribuer le Prix. Le Prix est attribué à un seul ouvrage. Il est doté de 4.000 euros à partir de 2013, montant qui est versé à l'éditeur choisi par le lauréat, au moment de la publication.

Liste des récipiendaires du Prix d'Encouragement de la Fondation Servais :

- 2001 : Isabelle KRONZ, «Hélène et les Max», Editions des Cahiers Luxembourgeois, Nic Weber Editeur, 2002
- 2009 : Hélène TYRTOFF, «Corps expéditionnaire», paru aux Editions PHI en 2011
- 2010 : Nathalie RONVAUX, «Vignes et louves», paru aux Editions PHI en 2011

## Ried vum Germaine GOETZINGER, der Präsidentin vun der Fondation Servais

Häerzlech wëllkomm zur Iwwerreechung vum *Prix Servais 2013* un de Pol Greisch fir säi Buch *De Monni aus Amerika*, dat d'lescht Joer bei *ultimomondo* erauskomm ass. Géif een elo d'Bild vum *Monni aus Amerika* iwwerstrapazéieren, da kéint ee mengen, d'Fondation Servais wär de Monni aus Amerika vun der Lëtzebuurger Literatur. Leider a glécklecherweis ass dat net de Fall. Als onofhängeg, neutral an net-staatlech Instanz fir d'Förderung vum literaresche Liewen zu Lëtzebuerg ass d'Fondation Servais drëm beméit, méi ze sinn wéi just eng Mëllechkou, *dee gudden Dommen*, dee mat Geld em sech gehäit. Mir wëllen d'literarescht Liewen zu Lëtzebuerg begleeden, verstoen, spigelen, siichtbar maachen. Ee Mëttel dozou ass de Prix Servais. Op der anerer Säit ass d'Fondatioun sech wuel bewosst, dass dacks déi néideg Finanzressource feelen, well d'Mäzenat beweegt sech zu Lëtzebuerg a ganz bescheiden Grenzen. An deem Sënn huet d'Fondation Servais e Progrès gemat: De Montant vum Prix Servais konnt näämlech vu 4.000 op 6.000 Euros gehéicht ginn. Domat entsprécht d'Dotatioun der Bedeitung an dem Prestige, deen de Prix Servais iwwert d'Joeren hei am Land kritt huet. Méiglech gouf dat duerch déi desinteresséiert a bënëvole Aarbecht vum Conseil d'administration an dank der Ënnerstëtzung vun der *Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte*, deenen ech heimat e ganz grouse Merci soe wëllt.

Mäi Merci geet och un de Jury vun der Fondatioun, deen ënnert der Leedung vum Pierre Marson eng engagéiert a kompetent Aarbecht gelescht huet. Ech weess, dass et net esou einfach ass, un déi honnert Bicher an engem relativ kuerzen Zäitraum ze liesen, mä ech weess och, dass d'Kenntnis vun der literarescher Produktioun vun engem ganze Joer an d'Diskussiounen doriwwer eng Quell vu grousser Freed a Satisfactioun kënne sinn.

D'Famill aus Amerika ass e Bild aus der Lëtzebuurger Kultur, dat zanter dem Enn vum 19. Jorhonnert enger sozialgeschichtlecher Realitéit entsprach a laang vrum Pol Greisch literaresch Carrière gemaach huet. Erlaabt mer e puer Beispiller ze zitieren. 1893 huet den Theodor Klein d'Erzielung *Die Nichte aus Amerika* virgeluecht, eng Iwwersetzung aus dem Franséischen, a

1906 huet de Guillaume Lamesch, de Schoulmeeschter vu Schëtter, en Theaterstéck *De Monnk aus Amerika* geschriwwen. Vum Batty Weber gëtt et en Text *Der Amerikaner*, an och dem Nicolas Ries seng Erzielung *Le boxeur impénitent* ass d'Geschicht vun engem Amerikaheimkehrer. D'Geschicht vum Monni, deen de beau Rôle well spillen, geet awer nach laang net ëmmer gutt aus, well den Hin-an-Hir iwwer de grouse Pull huet esou seng Tücken. Am Michel Blanc sengem Stéck *En Dram* verléift sech e räichen Amerikaner, deen zeréck kennt, a seng eege Schwëster, déi hien 20 Joer laang net gesinn hat. An eng Notiz aus der *Frankfurter Zeitung* aus den 20er Joeren iwwer e räichen Amerikaner, deen incognito a seng rumänesch Heemecht zeréck koum a vun senger Mamm wéinst 30.000 Dollar ëmbruecht gouf, ass direkt dräimol an d'Lëtzebuerger Literatur agaang, an dem Max Goergen säin Theaterstéck *Den Amerikaner*, dem Josy Imdahl säin Theaterstéck *Aus Geldgier zum Kannermierder* an an dem Nicolas Molling seng Erzielung *Sturm*.

Ween awer elo gemengt huet, an enger vun den aacht Erzielunge vum Pol Greisch géif tatsächlech e Monni aus Amerika optauchen, dee gëtt enttäuscht. Him geet et net ëm historesch Realitéiten, mä ëm dat, wat mam Bild vum Monni aus Amerika konnotéiert ass, ëm d'Gedankemuster hannert der Riedensaart. All dëse Monnien an Tattaen ass näämlech gemeinsam, dass si jonk an aarm fort ginn, a no Joeren al a räich zeréckkommen. Si hunn eppes matbruecht an hoffen, mat oppenen Äerm opgeholl ze ginn, net nëmme wéinst hirem Geld, mä vrun allem wéinst hirer selwer. Dat ass e Motiv, wat dem Schrëftsteller Pol Greisch läit. Do setzt hien un, well et erlaabt de Réckbléck, d'Konfrontatioun vu gëschter an haut, eng Bestandsopnam a Saache Mënschlechkeet. Hie stellt d'Fo, wat eis bleift, wa Bezéiungsnorme méi oppen a méi fräi definéiert ginn, a gläichzäiteg d'Suen eng sou grouss Roll spillen. Domat bleift de Pol Greisch sech selwer trei. Schliisslech war et hien, deen an de 70er Joeren op d'Alldagsliewen zeréckgegraff huet, fir alternativ Weeër zum existenzialisteschen Theater vum Absurden ze fannen, deen deemools *en vogue* war, an awer esou wäit ewech vun eiser Realitéit luech.

D'Motiv vum *Monni aus Amerika* erlaabt dem Pol Greisch doriwwer eraus d'Exploratioun vum Subjektiven, *weekendexpeditiounen an d'geographie vum ech*, wéi de Roger Manderscheid gesot hätt. A schliisslech ass d'Motiv vum *Monni aus Amerika*, eng Gratwanderung tëschent Lächerlech-Komesch an Traureg-Eesch, ambivalent genuch, fir dass de Pol Greisch e Spillraum fënnt fir seng ironesch distanzéierend Behandlung vun der Problematik vum

Alter, ouni dobäi an e weinerleche Kitsch ze verfallen, och wann heinsdo d'Schmunzelen an d'Laachen, dat engem am Hals stieche bleibt, no beienee leien.

*De Monni aus Amerika* ass den 2. Servais-Präis fir de Pol Greisch. En éischte krut hien 1993, vru genau 20 Joer, fir seng Theater-Trilogie *Äddi Charel, Besuch an E Stéck Streisel*. De Streisel ass en zentrale Begrëff och an dësem Buch. Hei steet e fir Vakanzepläng, Liewensmutt an Zukunftsoptimismus no enger laanger an deprimanter Rekonvaleszenz zu Orscholz. *Plangen, wesst Der; da's dat wichtigst, dat schéinst ... an onsem Alter. Géif ech net plangen, ech wier verluer. [...] Nuets géifen se mauschen, ons Pläng, a mueres wiere se mierf. Mierf wéi mäi Streisel. Schmelzen op der Zong. Schued, dass ech kee Schäffche méi hunn: ech géif Iech e Streisel baken.*

Domat schléisst sech de Krees. *De Monni aus Amerika* ass e Buch, dat sech fir d'Liewen engagéiert, dat zum Mateneen steet. Eis bleibt ze hoffen, dass den Auteur iwwerem Plangen, säi Schreif-Schäffchen net ausgoe léisst. An deem Sënn, léiwe Pol, am Numm vun der Fondatioun an a mengem eegenen, härezech Félicitatioun fir de Prix Servais 2013.

Motivatioun vum Jury, präsentéiert vum Pierre Marson,  
Präsident vum Jury vun der Fondation Servais

“ De Prix Servais 2013 geet un de Pol Greisch fir säi Prosaband a Lëtzebuerger Sprooch *De Monni aus Amerika*. De Jury zeechent domat déi héich literaresch Qualitéit vun dësen aacht Geschichten aus, déi am Wierk vun hirem Auteur en neie Moment duerstellen. De Pol Greisch entwerft Situatiounen a Personnagen, déi an hirer Plastizitéit bei de Lieser e bleiwenden Androck hannerloossen. Seng Sprooch ass e geschlaffent a modernt Lëtzebuergesch, eng héichentwéckelt Literatursprooch, déi duerch hiren natierlechen Duktus bestécht. D’Erzielungen aus *De Monni aus Amerika* sinn an eiser Zäit verankert a loossen eng grouss Oppenheet op heideg gesellschaftlech Situatiounen erkennen. Si verweisen op en Ëmgang mam Al-Ginn a mam Al-Sinn, deen ouni Larmoyanz, mee voll vun enger befreiender Ironie an Distanz ass. „

## Message vun der Kulturministesch Octavie Modert

Léif Frënn vum Buch a vum Servais-Präis,

Wéi ëmmer, wor et fir mech eng grouss Freed an Eier, vun der Fondatioun Servais agelueden ze ginn. Dës Kéier kann ech leider net perséinlech derbäi sinn, well a leschter Minutt nach eppes Dréngendes dertëschent koum. Ech bieden Iech also, mech ze entschëllegen an de Pol Greisch a mengem Numm mat ze éieren.

An der Exzellenz-Tabell vun de Lëtzebuenger Schrëftsteller ass de Pol Greisch ee vun de Groussen. An dat ass gewosst: well och wann de Kulturministère net de *Monni aus Amerika* ass, huet hien *trotzdem* scho véiermol de Pol Greisch ausgezeechent oder matgeholf, hien ze éieren, an zwar, well de Pol Greisch dat verdéngt:

Sou gouf hien schonn zweemol mat engem Präis vum Kulturministère (1979 an 1989) am *Concours littéraire national* ausgezeechent.

Hie krut och am Joer 2002 de *Batty Weber-Präis* vum Kulturministère. De *Batty Weber-Präis* ass ëmmerhin dee wichtechste Literaturpräis am Land an éiert e Schrëftsteller fir säi Lieweswierk.

Mä domadden huet dem Pol Greisch säi Schafen net opgehalen an dat ass gutt esou. 2008 gouf hien *Auteur en résidence* am *Théâtre national*, dee wéi Dir wësst, mam Kulturministère konventionéiert ass a sech als Missioun och ginn huet, e.a., all Joer ee Lëtzebuenger Kënschtler besonnesch an d'Liicht ze réckelen.

2013 elo huet de Pol Greisch erëm zougeschloen a fir d'zweete Kéier de Prix Servais zougeschwat kritt. Dës Kéier fir aacht Kuerzgeschichten, vun deenen de *Monni aus Amerika* mech am meeschte beandrockt huet.

Literaturpräisser hëllefen den Auteuren an den Editeuren eng gréisser Unerkennung a Visibilitéit ze kréien. Si stäipen hire Bekanntheetsgrad a ginn hin-

nen eng zousätzlech Motivatioun, fir trotz alle Widdregkeeten op deem komplizéierte Bichermaart, deen an enger schwiereger Ëmbrochsphas ass, weider ze maachen. Dem Lieser, dee vun enger grousser Unzuel vu Bicher um Maart iwwerschwämmt gëtt, ginn si en Unhaltspunkt fir sech do erëm ze fannen.

Ech iwverloossen aner Leit den Owend hei, dem Pol Greisch e méi wëssenschaftlechen, e méi intimisteschen oder e méi perséinlechen Eloge ze sangen, wéi ech dat maache wëll. Loosst mech him just a menger Fonktioun als Kulturministesch mäi ganz besonnesche Merci ausschwätzen. Merci, fir d'éischt, fir säi jorelaangt erfollegräicht Beméien ëm d'Entwécklung vum Theater zu Lëtzebuerg; e Secteur, deen ouni hien, als Grënnungsmitglied vum TOL a vum Kapuzinertheater, net deeselwechte wir an net dee Qualitéitsniveau erreicht hätt, op dee mir haut stolz sinn. Zënter 50 Joer schreift de Pol Greisch Theaterstécker a Prosa, an d'Lëtzebuurger Literatur verdankt him villes! Hien huet duerch seng sozialkritesch Fieder munchereen beréiert, erféiert, a net ze vergiessen, och beléiert. Och mat sengem neiste Wierk, dem *Monni aus Amerika*, leet hien op enneits de Fanger mat vill Ironie op d'Wonne vu muncherengem. Haut gëtt hie wuel fir säin neistent Wierk geéiert, mä et läit mer um Häerz fir och der Persoun Pol Greisch ze felicitéieren a Merci ze soen.

Vun der Regierung geet och e grousser Merci un *d'Fondation Servais*, déi zënter 1992 dese Präis géréiert a finanzéiert. Et ass onheemlech wichteg, datt et onofhängeg Privatinitiative gëtt, déi sech esou enger komplexer a risikoräicher Tâche stellen, wéi dat beschte Buch vum Joer mat engem Präis auszeechnen. Ech kann hinne fir hire Bäitrag zur Entwécklung vun der Literatur zu Lëtzebuerg net genuch Merci soen. Dee Merci geet esouwuel un de Conseil d'administration wéi och un de Jury, deen am Numm vun der Fondatioun eng exzellent a kompetent Aarbecht geleescht huet.

Merci och dem *Centre national de Littérature* a sengem dynameschen Direkter, Claude Conter, deen d'Präisiwwerreechung mat vill Engagement organisiert huet.

Nach eng Kéier Bravo dem Laureat 2013! Ech freeë mech schonn elo op säin nächst Buch.



Dem Pierre Puth seng Ried iwwer  
de *Monni aus Amerika* vum Pol Greisch

Ech ka mech nach gutt erënneren, sou eppes vergësst een net, et wor samschdes, samschdes, de 4. Mee, sou kuerz no 8 Auer muerges, ech souz, wéi ëmmer samschdes, de 4. Mee ëm 8 Auer muerges, um Stoffendësch a wor grad bei den Doudesannoncen ukomm, do rabbelt den Telefon.

Bass du et, Pit, sot de Pol, ech hat dem Pol seng Stëmm direkt erkannt, sou eng Stëmm wéi dem Pol seng, hei ass de Pol, sot de Pol, de Greische Pol, stéieren ech net - *du stéiers ni* - ech wollt dech just eppes froen oder villméi, dir eppes soen an dech dann eppes froen, hues d'en Ablack Zäit, Pit, Time is Monni, stell der vir, sot de Pol, ech sëtzen hei a menger Kichen, an där vum éischte Stack, du weess jo, do, wou iwwer der Kachmaschinn déi Nature morte hänkt, déi de Carry mir fir meng 75 gemoolt huet, an der Kiche vum éischte Stack, dat weess de jo Pit, sot de Pol, do iessen ech ëmmer muerjes eng Zalättche Müsli, Birchermüsli, dee passt sou gutt, fannen ech, zu der Nature morte, zemol wann d'Äppel am Müsli eng Grëtz muedebëtzeg sinn, an den Naturata hat gësch frëschen Ananas, an ech hat haut och nach, amplaz ëmmer Huewerflacken, e puer Chipsen an de Müsli, de Birchermüsli, gemaa- ch, déi kréckelen a kraachen, fannen ech, sou flott, nujee, also ech sëtze beim Müsli, iwwert mer um zweete Stack, sot de Pol, ass d'Madame Piotto, du weess jo, d'Perla Piotto, am Gaang mat hire Gammen an Arpègen, du héiers et bestëmmt duerch den Telefon, Pit, héiers de, fir d'Nocturne an de Chopin ass et nach ze fréi, hei geet jo net mäin Telefon, an och nach grad iwwer dem Müsli, duecht ech, sot de Pol, wie muss dann elo während dem Samschdes- müsli uruffen, ech wor eng Grëtz gëextert, an hiewen op, a weess de wien dru wor, lo just, um Telefon, Pit, sot de Pol, de Pierre, de Marson, deen aus dem Servais, an ech kréich, hal dech un, sot de Marson aus dem Servais, sot de Pol um Telefon, dëst Jor de Servais-Präis, fir de Monni aus Amerika, du weess, mäi lescht Buch, ech muss soen, sot de Pol, ech war eng Grimmel verwallt, well ech krut de Servais dach schonn eemol, Pit, erënners de dech, 93, dat sinn elo genee 20 Joer hir, vläicht ass et dofir, datt ech de Servais eng zweete Kéier kréien, mäin 20. Servais-Gebuertsdag, all 20 Joer en neit Buch, all 20 Joer de Servais-Präis, sot de Pol, wat mengs du, awer elo hunn ech genuch

geschwat, Pit, hien hätt mir ugeruff, lo kéim en zur Saach, hien hätt eng Fro um Häerz an natierlech op der Zong: obs du, Pit, sot de Pol, net géifs wëllen d' Laudatio halen, mir zwee géifen eis jo gutt kennen an da gött och alt emol eng Kéier vun dir geschwat, Pit, sot de Pol, dat vergonnen ech der gär op mengem Bockel, d'Präisverdeelung wier de 4. Juli, hätt de Marson gesot, sot de Pol, de Rapport iwwer de Geheimdängscht géif deen Dag an der Chamber an de Monni aus Amerika am cnl finaliséiert, sot de Marson, sot de Pol um Telefon, samschdes beim Kaffi, iwwerlee der et Pit a so mer Bescheid, ech hänken lo an a gi mäi Müsli fäerdeg iessen, d'Madame Piotto spillt nach ëmmer iwwert mer, héiers de. A ruff mer un.

Sou souz ech do, samschdes, de 4. Mee, um Stoffendesch bei den Doudesan-  
noncen an de Reklamme vu Möbel Martin, an ech wor net wéineg houfreg a  
mam Pol senger Propose fir d' Laudatio natierlech stantepéini averstan, well,  
dat war, Dir Dammen an Dir Hären, nach ëmmer esou bei all deene renom-  
méierte Literaturpräisser, vun der Maison Servais bis zu der Paulskirche, vu  
Miersch bis op Darmstadt: et ass d' Laudatio, Dir Herrschaften, déi zielt an  
op déi et ukënnt, d' Laudatio steet am Mëttelpunkt, d' Buch selwer an hirem  
Schied, e Buch ass séier vergiess, mee d' Laudatio, Messieurs-Dames, huet  
Bestand an ass fir d' Eiwegkeet.

Kuckt dach nëmmen emol an d' Servais-Präisser zeréck, Dir Herrschaften!  
1992, dat wor deemools nach am Kapuzinnertheater, wie schwätzt dann haut  
nach vum Manderscheid, kee Mënsch, mee vum Jul Christophory, vum Por-  
tante, kee Mënsch, mee vum Frank Wilhelm, vum Lex Jacoby keen, mee vu  
Maasse Pit, kee vum Hoscheit, mee vum Nico Kneip a kee vum Harsch, mee  
vum Jules Speller an esou weider: vum Jacobs keen, mee vum Michel Raus,  
vum Tanja Rewenig keen, mais vum Conter a Wirion, vum Schlechter, kee  
Mënsch, mee vum Lucien Noullez, a kee vum Sax, mee vum Marius Meller  
a kee vum Krier, mee vum Michael Braun!

Voilà!

An do soll ech nee soen! Ech hale wuel jo!

Anerersäits, fir bei der Wourecht ze bleiwen, wor ech awer och beim Pol  
senger guttgemengter Offer eng Grëtz gëxtert: eng Laudatio soll ech halen  
fir de Monni aus Amerika.

A wouhier weess dann de Pol, duecht ech bei mir, datt ech säi Buch och gutt fannen, fir de Monni ze luewen, muss een de Monni dach gutt fannen, oder net? Oder wéi?

Hätt de Pol, fir op Nummer sécher ze goen, do net besser gehat, e Member vum Jury ze froen. Nëmme bei deene weess een ni sou genee, op se d'Buch iwverhaapt gelies hunn!

Bei mir am Fong och net!

An dann: haut gëlle bei deene Literaturpräisser ganz aner Regeln a Methode wéi fréier, haut gëtt de Jury vun all Editeur, dee mat engem Auteur gutt placéiert ass, op e lackeleg Mëtteg- oder Nuechtiessen invitéiert, d'Rechnung bezillt den Editeur vun deene Suen, déi eng zweet Oplo him bekanntlech abrénge, an hei ass de Guy als geriwwene Geschäftsmann besonnesch gutt gestallt, well de Rewenig bedreift jo fir seng Affären säin eegene Restaurant, Ristorante Ultimo op der Arelerstrooss zu Mamer.

Um Menü, deen den ultimomondo dem Jury am Ultimo offréiert huet, stoung eng fraise-saumonfaarweg Vanillsglace an als Dessert gouf et eng Fëschzopp mat Sauerram.

Da kritt also de Greische Pol, sou sot ech mer a frot mech firwat wuel, de Servais-Präis scho fir déi zweete Kéier,

Da wäert et mat deenen anere Bicher wuel net vun allzevill wäit hir gewiescht sinn, goug et mer duerch de Kapp, an elo kucken ech mol op d'Auer: 7 Minutten 31.

Dir frot Iech firwat?

Abbe, de leschte 15. Mee gouf, fir de Roger Manderscheid ze éieren, a sengem Heemechtsduerf zu Izeg eng Plaz no him benannt, eng Parkplaz stellt Iech mol vir, dobäi hätten dach de Fooussballsterrain am Duerf vill besser bei de Rog gepasst, nujee, an ech wor, iwwegens mam Greische Pol zesummen, op d'Aweigung vun dëser Aire de stationnement municipal a sinn do dem Germaine Goetzinger begéint, an d'Germaine huet, sou kéint ech mer denken, wéi et mech gesouch, bei sech geduecht: gutt, datt ech de Pit gesinn, ech

muss deem eppes soen, well all Kéier, wann dee bis ufänkt mat Schwätzen, ech kennen e jo, da kritt dee keen Enn, zemool, wann en näischt ze soen huet, an d'Germaine sot ganz léif: Pit, sot et, wat dem Pol seng Laudatio ubetrëfft, wier et méiglech: sou ëm déi 15 Minutten, net méi, wann et geet.

7'31, da wier ech also just an der Halschecht, an et géif sou lues Zäit, un e wéineg Laudatio ze denken, mee wësst Der, Dir Dammen an Dir Hären: fir eng Laudatio vum Monni aus Amerika, do brauch ee glat net laang, well Evidenzen hu keng Bewäisser néideg.

Ech mengen dat esou.

Ech soll Iech den Owend hei zu Miersch an der Maison Servais explizéieren, exemplifizéieren, kloermaachen an, quod est demonstrandum, duerleeën, datt a firwat dem Greisch säi Monni en exzellent Buch ass, dat dem Servais-Präis all Eier mécht.

Kuckt: wann ech, wéi de Monni aus Amerika op der Säit 88, Knippercher kafe ginn, Schoklasknippercher, bei den Oberweis oder bei den Namur, an da soll ech Iech erklären, déi Knippercher wieren exzellent, wat se jo sinn, mee da soen ech ganz einfach: huet eng an de Mond a schmaacht se, an d'Bir ass geschilt.

An anere Wieder: huet de Monni an de Grapp a liest en, awer dat ass, wéi ech Iech kennen, scho laang geschitt. A wann net: huet de Monni mat an d'Vakanz, 't wäert Iech net Leed doen.

An dach, Pit, soen ech mer, misst de net awer op d'mannst iergendeppes e wéineg Gescheites komme loossen a solls de do net, Quelle sinn do, fir draus ze drénken, bei méi Beruffener luusse goen: de Gaston Carré, de Jeff Baden oder d'Elise Schmit.

Mee wa schonn, da bei d'Elise Schmit, d'Thea Dorn vum Lëtzebuerger Land, mat deem blaméiers de dech net sou séier.

Ech zitéieren:

“Die älteren Herren in Pol Greischs Geschichten leben meist, ob sie sich

dessen bewusst sind oder nicht, in ihren eigenen Welten und Idiosynkrasien, deren Vereinbarkeit mit dem Rest der Welt nicht immer auf Anrieb gegeben ist ... (und) mehr als einmal entgleitet den Figuren in den Erzählungen Pol Greischs ihre Welt ...”

An anere Wieder: den Alter ass näischt Schéins!

A wa mer scho vu Knippercher schwätzen: d’Alexandra Fixmer trëfft den Nol op de Kapp, wann et, kuerz a gutt, an engem Artikel am Tageblatt vum Monni aus Amerika seet: “un assortiment de mignardises littéraires à déguster sans modération”. Domatt ass alles gesot.

Allerdéngs: bei de Knippercher kënn et an éischer Linn op den Inhalt un, bei der Literatur awer op d’Form.

An anere Wieder: nieft deene villen onheemleche Situatiounsmomenter, Handlungseripetien an Ëmstännkonstellatiounen am Pol sengem Buch, allegur sui generis, a bei deenen een ni sou richtig weess: sinn ech am Indikativ oder am Konjunktiv, am Realis oder am Irrealis, liesen ech a majeur oder a mineur, dat Entscheidend, dat, wat zielt, wa mer vu Literatur schwätzen, ass d’Sprooch.

An hei mécht keen dem Pol Greisch sou liicht eppes vir, dat Liicht war dem Pol Greisch ni schwéier genuch, an d’Jury huet Recht, wa si an hirer Begrënnung vun enger héichentwéckelter Literatursprooch schwätzt – an dat am Lëtzebuergesch!

An dat bréngt de Lieser an de Genoss vun, fir mam Alexandra ze schwätzen, Schneekereien wéi dësen Extrait aus der Titelgeschichte; Rieds geet vum Risch no der Kanddäff an der Glacis-Kapell:

“An der Wiertschaft nieft dem Nikloskierfecht spendéiert hien e Patt; duerno gëtt et Zopp an z’iessen. D’Famill deet sech de gudden un. Deen urale Monni feiert am beschten eran. Just datt d’Gebëss him ëmmer nees an d’Zopp fällt. Ëmmer nees fëschd d’Giedel et eraus an druddelt him et erëm dran. Déi véierte Kéier gëtt s’et op a stécht dem Monni d’Gebëss an d’Jillistäsch. ’t luusst eraus nieft der Pochette.”

An da liese mer um Schluss vun der Geschicht op der Säit 112:

“Am Fong sinn ech ee wéi de Monni aus Amerika: e gudden Dommen. Méi domm wéi gutt. Monni mat Money. Keng Kéip, ma genuch.”

Dofir free dech, Pol, a sief frou: däi Buch muss der Jury dëst Joer besonnesch gutt gefall hun, well, ech zitéieren aus de Statuten: “Depuis 2013 le Prix Servais est doté de 6.000 Euros.”

Dat ass awer net näischt a schonn eppes!

6000 Euro, dat sinn, beim Monni, 51 Euro pro Säit! Beim Margret Steckel hirem Servais-Buch wieren et nëmmen 9 Euro 90 gewiescht!

Mat 6000 Euro, Pol, do kann een dach awer schonn eppes ufäken.

Ech huelen un, sou wéi ech dech kennen, kritt fir unzefänken all Jurysmember vun dir, soe mer 200 Euro, de Pierre als President 300, dat mécht zesummen 1900 Euro. Fir meng Laudatio froen ech der näischt, da bleift jo nach genuch fir eventuell déi folgend Cadeauen ze man:

D’Dolli Dolores kritt eng nei Staffelei a Sue fir d’Hochzäitsrees un d’Mier mam Kai.

De Josefemil kritt fir a säi Virgäertchen eng Zort Poubelle als Äschebecher, fir dem Heckefransous seng Gauloise-Bouten opzefänken.

Eng Steckdous fir d’Zëmmer 34 um drëtte Stack am Hotel Janelas Verdes zu Lissabon an eng nei Plastikfläschelchen fir déi louder Moss, d’Melancholia.

Frësch Ram fir an d’Fëschzopp.

Eng Niwelluucht an eng Stroossekaart vun der Urgence bis a Finland.

Eng Lupp fir no der Spläiter ze sichen.

Faarf fir zu Orscholtz de Lift unzesträichen a Frigoe fir an d’Kummeren.

E Kranz fir um Risch säi Graf am décke Schnéi.

E Metronom fir d'Madame Piotta a Schappi fir de Spitzli.

De Monni aus Amerika kritt eng nei Box an eng nei Kap.

An, last but not least, d'Carmen en décke Bucki Vergiessmechnet.

An da bleift och nach eppes iwwreg, Pol, fir en neie Kichendesch, deen s de néideg brauch, bei dir dohem, um éischte Stack, wou s de muerges deng Zallette Müsli, däi Birchermüsli ëss, deen alen ass rabbeleg a wackeleg ginn, du brauch en neien, e schéinen, vum Capesius-Reding, wann d'Carmen op Besuch kënnt.

An domat sinn ech si um Schluss ukomm.

Fuer sou virun, Pol, da gëtt nach eng Kéier eppes aus der. A wann s de an 20 Joer nees eng Kéier de Servais-Präis kriss fir däin neit Buch "De Monni aus dem Pescatore" a wann ech vläicht nees d'Laudatio halen dierft, da versprechen ech der, Pol, meng Saach besser ze man.



*Pierre Puth*



## Dem Pol Greisch seng Äntwert un de Pierre Puth

Merci, Pit: du bass net ze schloen. An ech soen der elo schonn: besser ka se bal net ginn, deng Ried an 20 Joer. Dann hues du der 90 (ass et richtig, ongefëier) an ech 103. Als Merci kriss de dann e laange Bréif: Fir de Pit am Pescator vum Monni aus dem Himmel.

... An da soll ech och nach en *Discours* halen! Do muss ech Iech leider enttäuschen – vläicht sidd der och frou – : Ech hale keng Ried, ech däerf keng halen. Ech krut de Mëtteg esou eng glunge verschlësselt E-Mail vum *Monni* (also vum *Monni aus Amerika*): Hie léisst sech entschëllegen, hie kéint net kommen den Owend. Hien héing nämlech den Ament an der amerikanescher Ambassade; hie wier ofgelauschtert ginn a misst als halwen Amerikaner hannesch iwwert de Pull. Hie wier ower a gudden Hänn: De Gaston hätt gesot (dat ass bestëmmt de Gast), hien, de Monni, soll sengem *Scribe* (oder Skribent, oder Sekretär, wéi der wëllt; ’t schéngt, domat sinn ech gemengt) also: hie soll deem soen, dee soll a sengem, dem *Monni* sengem Numm, Iech alleguer e schéine Bonjour son mat engem grouse Merci fir all déi, déi et verdéngen, a soss soll hien, de Scribe, wannechglift de Bak halen. A wann et misst sinn, da soll en alt iergend eng Seeche verzapen, déi vun der Rouder Geess, oder egal, mä beileiwen net ufänken, domm ze braddelen. Soss kéint et him, dem Monni, a sengem Scribe nach bléien, mat der Sabbel bei d’Elite an de grouse Maschtpull ze trëllen.

Sou, wat elo kënnt, da’s *strictement confidentiel*; ech gi mer näischt sichen: De Servais-Präis 2013 geet ausdrécklech un *De Monni aus Amerika*, net u säi Sekretär. (’t deet mer leed) An dann: De Val, alias Välten, Välten Felten, fälten da läiten, halwe Lëtzebuerger, seet net: Ech sinn de Monni aus Amerika; hie seet: Ech sinn *ee wéi* de Monni aus Amerika; da’s eng Nuance, méi wi eng Nuance. Do leie Welten dertëscht. Dat Wiertchen: *een wéi*, dat brécht dem Monni d’Genéck. Do bass de direkt verdächtég. Do verstinn d’Amerikaner kee Spaass: entweder du *bass* en Amerikaner oder du bass keen. *Ee wéi* oder en halwen, dat geet net. En halwe Lëtzebuerger, ok. An da fänkt d’Horspléckerei un: Wie kritt hei de Frick?, dee kolossale Präis? Natierlech de *Monni*.


(deng Propos, Pit, wier selbstverständlech méi sozial gewiescht) Mä vläicht kënne mer ons och arrangéieren? Ower wann ieren de ganze Präis ganz an de Prozess geet? Da steet de Sekretär do mam Fanger am Mond. (da bleift emol näischt méi fir en neie Kichendesch, Pit) Ower da's nëmmen ee Volet vum Problem: Wéi ass et mat der Responsabilitéit vun där permanent Rieds geet? Déi ganz Geschicht ass voller Falen, méi wi verwuerelt: Deen ee seet esou, deen aner anescht. D'Zeien, de Risch an de Will, sinn dout, an déi aner hunn alles vergiess. Typesch hautdesdaags. Eent wéi d'Perla ass och keng Referenz; bei deem geet et net op e Grapp un. An d'Carmen?: d'aarme léif Louder huet d'Pan misse klaken ... A schliesslech d'Saach mam kamouten Teppech: ee Gléck, datt hei keen Teppech läit. Hei ass alles propper an transparent. Ma wéi ass et mat de Wanzen, Claude? ... Gutt datt mer de Gast hunn, geldiert!

Sou Dir meng léif Frënn, ier mer elo ee poutze ginn, géif ech Iech gär – wann der nach e bësse stallhaalt – net d'Seeche vun der Rouder Geess verzielen, mä d'Geschicht vun der *Nature morte*.

# Am Fong

en Auszuch aus *De Monni aus Amerika*

Am Fong – seet de Val – sinn ech ee wéi de Monni aus Amerika: e gudden Dommen. Méi domm wéi gutt. Monni mat Money. Keng Kéip, ma genuch, soulaang ech net ofgebrach kréien an der Pensioun. Soulaang et d’Pensioun iwwerhaupt nach gëtt. Well ech ëmmer d’selwecht Box hunn am Hënner, d’selwecht Kap um Kapp an iesse wéi e Villchen, bleift mer e klenge Bootz de Leschte vum Mount. Mat de Meedercher sinn ech nawell mëtschgieweg. ‘t schéngt, dat läit a menger Natur. Si richen dat, sinn op der Mol wann et gëlt. Ech hu kee Kann a kee Kënn an ech kréien näischt mat wann ech ginn. An ech gi geschwënn, well am Eescht: *esou* lackeleg ass et och net méi heinidden, mol net méi um Bierg.



# Mäi Rendez-vous

*En Inédit vum Pol Greisch*

't deet mer leed, ech hu mech verschlof.

Neen, 't deet mer net leed, mä ech si rosen. Schwäiwëll. Grad haut wou ech mäi Rendez-vous hunn. *Mäi* Rendez-vous. Ech hunn nëmmen deen een ... an dee verschlofen ech! Ewell eng Woch laang denken ech Dag an Nuecht: En Dënschdeg hues de däi Rendez-vous, mierk der et, schreif der et op, maach der e Knuet an d'Schnappeg, neen, net an d'Schnappeg, dat wor gutt fréier, wéi mer nach Nueschnappecher haten; haut mat deem schäiss *Kleenex* ... Stell der éischer de Wecker, elo schonn, d'Veckeren, ee riets an ee lénks, den Handy, looss dech erwächen, mobiliséier d'*horloge parlante*, wat weess ech!

... an da verschlofen ech mech!

Natierlech sinn ech net nëmme rosen, schwäiwëll, mä mäin Här net. A wann ech mäin Här net sinn, da kommen ech mer net aus de Féiss, da kënt ech mech selwer mam Fouss rennen. An da passéiert dat, wat net dierft passéieren: Amplaz schéi gemälleg opzeston – wéi den Dokter seet: mam rietse Bee vir, een Ament sätze bleiwen, dann dat lénkst, een Ament sätze bleiwen, dann den Hënner hiewen, ëmmer alles schéi gemälleg – *leien* ech do, ech *stinn* nach net! Bass de haseleg, da gëss de dronken. A gëss de dronken, da läis de. Dogéint gëtt et kee Mëttel. An dengem Alter scho guer keent.

An dobäi bräichs de dech net ze tommelen. Och wann s de dech verschlof hues: du hues Zäit ze friessen; vläicht net grad ze friessen, ma genuch; däi Rendez-vous ass dach eréischt um zwiefel an elo hu mer knapps véierel op zéng. Dat son ech mer fir mech ze zëssen. Mä dat hëlleft alles näischt: ech sinn elo opgedréint, ech muss mech lafe loossen ... Och wann ech de Blatz nach hunn an den Aen, an de Knéien de Kéis an eng liicht Bëls op der Stir. Ech muss nach séier an d'Dusch, de Baart maachen, onbedéngt, gëscht hat

ech scho gefuddelt. Ech sinn nach vun der aler Garde: kee Baart gemaach ass wéi kee proppert Hiem um Läif. An op mengem Rendez-vous kann ech net ausgesinn wéi e Wëllen. Mäi Rendez-vous ass nämlech kee gewéinlechen. *Wier* et ee gewéinlechen, déit ech net deen Zodi maache ronderëm. Ech sinn dofir net nëmme rosen, schwäiwëll an haseleg, mä nach opgereggt derbei. Immens opgereggt. Mäi Rendez-vous ass kee Rendez-vous beim Dokter oder beim Coiffer. Hien ass, wéi soll ech son: méi delikat. Dofir duerf hien net verrubbelt ginn. Am Fong geet en och keen eppes un. Soss wier ech schonn éischer dermat erausgeplättelt. Hätt ech mech net verschlof gehat, déit ech keen Ophiewes maachen dermat. Et wier keen Thema, wéi et haut heescht, kee Problem.


D'Luucht iwwert dem Lavabo verblennt mech. Ech knipsen s'aus. Lo dauscht et. Neen, 't souert éischer. Wou? Vu wou? Aus dem Spigel? Dat kann net sinn. Ech gesinn: ech schneiden eng verdrësslech. Am Eescht: sinn *ech* dat? 't ass net gesot. De Spigel ass blann. Ugelaf. Ech wëschen driwwer. Mä de Baart wëllt net wachen. E Baart, deen am Spigel méi laang a fatzeg ass, wéi a Wierklechkeet, stellen ech mer vir. Ech misst de Brëll mol opsetzen. Wou ass de Brëll? De roude Knäppchen? Keng Panik!

't schneit an engem Stéck. De Véier fiert mer vrun der Nues fort. Den Zweek ass direkt hannendrun. Ech klammen eran. Elauter Kanner. All sti s'op. Si maache mer Plaz. Si laachen. Wann ech se bekucken, dann hale s'op. Eng wäiss Fra klappt mer op d'Schëller: Ech hätt meng Pëlle vergiess, seet se. Si reecht mer d'Këscht mam *Biocondil*. Elo laachen d'Kanner nees. Mä *piano*. Nieft mer kraacht et: e roude Bouf bäisst an en décke gréngen Apel. Ech hu *mäin* Apel vergiess. Ech soll mech net opreegen, seet d' Fra, 't géing gutt duer. Si kéim aus dem Schnéi, seet se. De Bus steet nach ëmmer. D'Kanner klammen eraus. Bis op de roude Bouf mam Apel. An d'wäiss Fra. Dobaussen dréine se Klatzen. De Chauffer tomp. Hie fält mam Kapp op de Volant. De Klaxon tut. Ower nëmme ganz schappeg. Ech kucken op d'Auer. Dee groussen Zär danzt ronderëm. Elo ass e lass: hie rëtscht iwwert d'Zifferblat. D'Fra keimt; kräischt se? Si hätt Rendez-vous, seet se. Si seet: Allkéiers wann ech Rendez-vous hunn, schneit et. Si schnäizt. 't schaal duerch de ganze Bus. Dem Bouf fält den Apel aus dem Grapp. Op mäi Schouss. Lo ass den Apel rout. De Bouf blatzeg. D'Fra schnoffelt: Da fuere mer zesammen, wann e fiert, seet se. Aus dem Apel kräicht e Mued. Ech drécken dem Bouf den Apel nees an de Grapp.

Mam Mued. De Mued streckt sech, stellt sech. Poulriicht. Dem Bouf seng Neel si schwaarz. De Klaxon gött de Geesch op. An de Chauffeur? D’Kanner di Kreesch. Mäi klengen Zär spréngt op Zwielef. D’Fra seet zu mir: Maacht de Mond op! Si leet mir mäi *Biocondil* op d’Zong. Ouni Waasser kréien ech de *Biocondil* net of, soen ech. Schléckt!, seet si a klappt an d’Hänn. Dem Bouf fält den Apel nees op mäi Schouss. De Mued wibbelt a wullt: hien ass ewell esou déck wéi mäi klenge Fanger. D’Fra zitt e Gubbeli aus dem Kuerf. Aus engem gëlle Krunn zaapt se Waasser. De Gubbeli leeft iwwer. D’Kanner halen *hir* Gubbelen drënner. Si gi mer ze drénken. Si sabbelen. Ech sabbelen. Ech si plätschnaass.

Du gläichs der Fra net iwwel. Oder éischer si dir. Du sees: Dong e fréscht Hiem un, du kriss de Schnapp. - Wou huelen ech dann elo en Hiem hir?, soen ech. Du sees: E Wonner datt mer ons endlech fonnt hunn. - Hues de laang gewaart?, froen ech dech; ass et ewell zwielef? Mäi klengen Zär weist zwielef, ma wou ass dee groussen? Amplaz z’äntweren, schneits du eng pëtzeg. - Mäigott, ‘t ass dach keng Katastrof, soen ech. Gutt, datt ech d’Fra hat. - Wat fir eng Fra?, frees du. - Ech kenne se net, soen ech. Si huet mech versuergt; si an d’Kanner. Eng Grëtz gläicht dir iech. Si koum aus dem Schnéi, sot se. Schneit et nach? ‘t ass e gudde Strapp, datt mer ons net méi gesouchen. Wou woors de sou laang? Op eemol hues de d’Sprooch verluer ... Du has mer versprach, e Stéck ze sängen vum Ravel: aus den *L’Enfant et les sortilèges*. A wat hunn ech mech gefreet, dech erëmzegesinn! Däi Mantel ass zimlech zerknüwwelt: bal een wéi der Fra hiren. - ‘t ass kee Mantel, ‘t ass e Schiertech, sees du. - An deem Wieder!, soen ech. - Kregéiler!, sees du: g’ännert hues de dech net. - A wann s de wéisst, wat ech mer alles virgeholl hunn ...

Ech soll mech entspanen, sees de. Du fiers mer duuss iwwert d’Baken. E wonnerbaart Gefill, géifs de mech elo net diirzen a mer duerbäissen: Firwat hutt Der dann de roude Knäppchen, wann Der net drop dréckt?





## Bio-Bibliographie

Siechzeg Joer a méi huet de Pol Greisch (Jorgank 1930)

a lëtzebuergesch, franséischen an däitschen Theaterstécker gespillt, Gedichter a Prosa geschriwwen (de Roman “Mäi Frënd Benn, d’Erzielungen “d’Sonnesäit”), Radiospiller a Szenarien, haaptsächlech ower eng sëllege lëtzebuergesch Stécker vun deenen déi meescht am Kapuzinertheater, am Groussen Theater an am Escher Theater opgefëiert goufen, fir d’lescht “Dame blanche”.

1979 ass ”Grouss Vakanz” am *Concours littéraire national* präméiert ginn, 1980 d’Radiospill “E Sieschter Räinetten”; 1998 d’Stéck “Aarme Louder”; 1993 krut hien de Servais-Präis fir d’Trilogie “Äddi Charel”- “Besuch”- “E Stéck Streisel” an 2000 koum “Fir meng Mamm – aus engem laange Bréif” eraus. De Batty-Weber-Präis krut hien 2002 fir säi Liewenswierk.

*Méi Detailer fënnt een e.a. am Lëtzebuurger Autorelexikon beim CNL*



*Le Jury pour l'attribution du  
Prix Servais 2013*

Monsieur Pierre MARSON, Président  
Madame Alexandra FIXMER  
Madame Jeanne E. GLESENER  
Madame Odile LINDEN  
Monsieur Claude MANGEN  
Monsieur Pierre MERGEN  
Madame Jeanne OFFERMANN  
Monsieur Alex REUTER  
Madame Annette SCHLECHTER

*Le Conseil d'administration  
de la Fondation Servais  
pour la littérature  
luxembourgeoise en 2013*

Monsieur Claude D. CONTER  
Monsieur Claude FRISONI  
Madame Germaine GOETZINGER,  
Présidente  
Monsieur Jo KOX  
Monsieur Gast MANNES  
Monsieur Alain MEYER  
Monsieur Jacques SANTER  
Monsieur Paul SCHMIT,  
Administrateur-délégué  
Monsieur Manou SERVAIS  
Monsieur Raymond WEBER

*Les Publications de la Fondation Servais*

**Emmanuel SERVAIS (1811-1890)**

**Autobiographie (212 pages)**

Prix 16 euros

**René ENGELMANN (1880-1915)**

**Leben - Werk - Zeit, par Cornel MEDER  
et Claude MEINTZ (432 pages)**

Prix 16 euros

Les ouvrages peuvent être commandés auprès du Centre national de littérature, Mersch, moyennant virement du montant au compte BCEE LU46 0019 1106 4610 9000 de la Fondation, et mention du titre de l'ouvrage désiré.

\*

**Wat ass wäiss a kënnt vun zwou Säiten ? (Plaquette du 15<sup>e</sup> Anniversaire de la Fondation; ouvrage collectif des lauréats du Prix Servais; illustrations de Carlo Schmitz; postface de Gast Mannes, ancien président du jury) (gratuit)**

La plupart des plaquettes annuelles du Prix Servais sont encore disponibles.

